N° 5096
Reçue le 27.10.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 27 OCT. 2021
Réf. QP-132/21

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°5096 « Acquisition de la nationalité luxembourgeoise » du 13 octobre 2021 de l'honorable Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice

Sam TANSON

L-2934 Luxembourg

136-000150-20051123-FR

Äntwert vun der Justizministesch Sam Tanson ob déi parlementaresch Fro N° 5096 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup

Fro 1

Zënter dem 1. Januar 2009 gëtt et eng Prozedur fir de Recouvrement vun der Lëtzebuerger Nationalitéit duerch Persounen, déi Virfahren hunn, déi den 1. Januar 1900 Lëtzebuerger waren.

48.052 Persounen hunn e Certificat beim Justizministère ugefrot, dee beleet, dass si e Virfahren hunn, deen den 1. Januar 1900 Lëtzebuerger war. Dat ass déi 1. Etapp vun der Prozedur. Zënter dem 1. Januar 2019 ass et gesetzlech net méi méiglech fir esou eng Demande beim Justizministère anzereechen.

31.647 Persounen hunn eng Recouvrementsdeklaratioun beim Officier de l'état civil ënnerschriwwen. Dat ass déi 2. Etapp vun der Prozedur. Dës Formalitéit muss bis zum 31. Dezember 2022 bei der zoustänneger Gemeng erleedegt ginn.

Fro 2

Bis ewell sinn insgesamt 47.472 Certificaten vum Justizministère ausgestallt ginn, déi beleeën, dass eng Persoun e Virfahren huet deen den 1. Januar 1900 Lëtzebuerger war. 480 Persoun goufen ofgewisen, fir dëse Certificat ausgestallt ze kréien. De Motiv fir de Refus war haaptsächlech, dass de Virfahren den 1. Januar 1900 net am Besëtz vun der Lëtzebuerger Nationalitéit war.

31.151 Demanden fir e Recouvrement vun der Lëtzebuerger Nationalitéit, ob Basis vum Artikel 29 vum Gesetz vum 23. Oktober 2008 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit respektiv ob Basis vum Artikel 89 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit, goufen bis ewell ugeholl.

23 Demanden goufe refuséiert. Den heefegsten Grond fir e Refus war, dass den auslänneschen Casier judiciaire am Dossier gefeelt huet.

Fro 3

Fir d'Certificaten, déi beleeën, dass eng Persoun e Virfaren huet deen den 1. Januar 1900 Lëtzebuerger war, an déi accordéiert gi sinn, si keng Statistiken opgedeelt nom Ursprongsland verfügbar.

Refus vu Certificaten déi d'Ofstammung vun engem Virfahren attestéieren, deen den 1. Januar 1900 Lëtzebuerger war

Ursprongsland	Zuel vun den Demandeurs
Däitschland	5
Frankräich	91
Belsch	74
USA	4
Kanada	4
Brasilien	302
TOTAL	**480**

Refus vum Recouvrement vun der Lëtzebuerger Nationalitéit ob Basis vum Artikel 29 vum Gesetz vum 23. Oktober 2008 respektiv ob Basis vun Artikel 89 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017

Da goufen 23 Persoun ofgewisen, déi e Recouvrement vun der Lëtzebuerger Nationalitéit eragereecht haten.

Déi 23 Refusen verdeelen sech op folgend Länner.

Ursprongsland	Zuel vun den Demandeurs
Frankräich	13
Belsch	7
Brasilien	1
USA	2
TOTAL	**23**

Ursprongslänner vun de Kandidaten déi de Recouvrement vun der Lëtzebuerger Nationalitéit accordéiert kruten ob Basis vum Artikel 29 vum Gesetz vum 23. Oktober 2008 respektiv ob Basis vum Artikel 89 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017

Déi komplett Tabell mat all den Ursprongslänner vun den Demande fir e Recouvrement déi accordéiert goufen ass an der Annexe publizéiert.

Déi heefegst Ursprongslänner sinn Frankräich (11.455 Persounen), d'Belsch (11.161 Persounen), Brasilien (5.114 Persounen), d'USA (2.447 Persounen) an Däitschland (557 Persounen).

Fro 4

De Justizministère huet keng Donnéeën wéi vill Leit hypotheetesch vum Recouvrement vun der Lëtzebuerger Nationalitéit kéinte profitéieren.

Eng Etude doriwwer ass net geplangt.